# ACTION AVENIR HAITI




# NEWS 2015

Impressum:

Datum: Mäerz 2015

Oplo: 250 Stéck

Layout: Danielle Ferres

Fotoen: Jemp Beck, Rob Theisen, Martine Thoma, Rémy Walle, Tom Weber, Lucien Weyerich, Eric Wiggins

Texter: Jemp Beck, Nathalie Scharpantgen, Rob Theisen, Martine Thoma, Rémy Walle, Tom Weber,
Lucien Weyerich, Eric Wiggins

# Virwuert

An sengem zéngte Joer konnt Action Avenir Haiti sech selwer e schéine Kado maachen.
Dat neit Gebai op Haiti steet, an et fëllt sech mat Liewen. Eis Partner op der Rivière Froide sti virun enger neier Situatioun. All déi Joere virdru war d'Ecole Le Reformiste nëmmen eng vu ville klenge Schoulen déi iergendwou an engem Hannerhaff dofir suergen dass Kanner e bëssi encadréiert sinn. Iwwert déi läscht Joeren huet sech eis Schoul gutt entwéckelt, awer elo mat deem neie Gebai, ass aus deene provisoresche Wellblechbuden e flotte Campus entstanen deen an dëser Form an der Géigend eenzegaarteg ass.
Dëst gouf eis op der Aweiungsfeier am Abrëll sou richteg bewosst, ganz offiziell a viru villen Invitéen, hunn Gemengeverantwortlech a Vetrieder vum Haitianesche Ministère de l'Education dëse Fait ënnerstrach.
Ech war frou mol nees eng Kéier op Haiti ze reesen, a besonnesch well mir zesummen zu esou vill Blanc'en op der Plaz waren.
Comité's Memberen, nei an al Mataarbechter, all zesumme konnte mir op der Plaz matschaffen, an erliewen dass eis Aarbecht heiheem net ëmsoss ass.

Een decke Luef un eise Comité, a Merci fir déi vill flott Momenter zesummen. Op Haiti, awer och heiheem wou mir op all Mënsch ziele kënnen, an dat elo schonn 10 Joer laang. Vill verännert sech am private Liewen oder op der Aarbecht, an trotzdem gëtt jiddereen säi Bescht fir dass eis Equipe gutt fonctionnéiert an de Projet weidergeet.
Mëttlerweil brauche mir 4000 Euro de Mount fir déi lafend Käschte vun der Schoul ze decken, an dat ass och déi Erausfuerderung där mir eis stelle mussen.
All eise momentane Pätteren a Giedelen dofir ee grousse MERCI. Hier regelméisseg Ënnerstëtzung mécht de Fonctionnement eréischt méiglech. D'Liewenskäschte ginn op Haiti andauernd erop, mir wëllen elo hei awer kee méi héije Bäitrag pro Mount froen. Eist Bestriewe läit éischter doranner nach méi Parrainage u Land ze zéien.

Fir d'Zukunft ass och geplangt e Konzept auszeschaffe wéi mir den Terrain am beschten notze kënnen. Mir wëllen e Plang erstellen, deen eis et méiglech mécht méi gezielt Donateuren unzeschwätzen déi sech u Bauprojete bedeelege wëllen.

Action Avenir Haiti ass aus dem Scout's Mouvement entstanen, an dofir si mir frou, dass de Verband vun de Lëtzebuerger Guiden a Scouten un eis erugetrueden ass fir 2016 nees emol e Projet op Haiti ze realiséieren. E Grupp deen sech esouwuel aus jonke lëtzebuerger wéi och aus jonken haitianesche Scouten zesummesetzt, wäert ee Camp Chantier op eisem Terrain ofhalen. Natierlech sti mir virdun, während, an nom Camp, mat Rot an Dot zur Verfügung.

Deemno gëtt et eis net langweileg, a mir kucke gespaant op déi nächst 10 Joer AAH.

Och wann sech un der gesamter Situatioun op Haiti net vill geännert huet, kënne mir soen dass mir eiser Grond-Iddie "deenen ze hëllefen déi soss keng Hëllef kréien" trei bleiwen. Sou konnte mir scho ville Mënschen hir Situatioun verbesseren, an och op der Rivière Froide een Deel dozou bäidroen dass sech Liewenskonditiounen an dësem Quartier e bëssi verbessert hunn.

Zum Schluss, an der Hoffnung dass der mat eiser Aarbecht zefridde sidd, all eise Frënn an Donateuren ee grousse Merci fir hiert Vertrauen.

Rob Theisen



# Aménagement d'une route à Angibeau en collaboration avec l'ONG Europe Tiers Monde



## Contexte du projet

En Haïti, l'infrastructure routière est très peu développée et la plupart de la population vit dans des zones très difficilement accessibles. Les zones ne sont accessibles que par des sentiers de terre battue. Les paysans sont ainsi obligés de porter leurs marchandises jusqu´au prochain marché. La vie dans l'arrière-pays est très dure. Elle est marquée par un manque d'eau potable, un manque de soins médicaux et par la dépendance des conditions météorologiques. Cette situation a déclenché un exode rural qui fait que trop de gens cherchent à aller gagner leur vie dans la capitale, laquelle est déjà largement surpeuplée.

Le projet nous mène dans les collines qui entourent la vallée de Rivière Froide. Dans la zone N° 3 de la commune de Carrefour, les habitants vivent dans des conditions rudimentaires, habitant dans des maisonnettes en bois sans électricité et sans installations sanitaires.

Lors d'une visite des lieux en 2012, un membre du comité AAH s'est rendu compte de la nécessité de l'amélioration des voies de transport. Nous avons trouvé sur place une population très motivée, prête à faire des efforts pour aider à changer sa situation. Dans un premier temps, Action Avenir Haiti a financé quelques outils et de la nourriture pour les travailleurs. Les gens ont réalisé l´élargissement du chemin sur 580 m en apport local.

Par après les responsables de la zone nous ont proposé le projet, de relier cette première partie de la route au prochain village, Rivière Froide.

L'ONG Europe Tiers Monde nous a proposé une collaboration dans le développement de l'agriculture et des zones rurales. Ce projet rentre dans leur champ d'action et nous leurs remercions de tout cœur pour le financement de cette réalisation qui se chiffre avec un budget de 19500 USD.



Ancienne trace du sentier. (Source Goggle Earth)



Nouvelle trace de la route. (Photo prise en avril 2014)

## Réalisation du Projet

L'ancien sentier faisant la liaison entre Rivière Froide et Angibeau à été transformé en route carossable.

5 équipes de travail sous la supervision de 5 chefs d'équipes et d'un ingénieur agronome ont réalisé environ 2,5 km de tracé. Un bulldozer a été loué pour 3 jours pour préparer le terrain. Pendant 4 semaines 85 personnes ont été embauchées. Les travaux d'égalisation et le creusage des conduits d'eau ont été réalisé par la main d'oeuvre locale.


















Chaque équipe de travail est responsable pour un secteur de la route, les ouvriers embauchés de la zone sont les utilisateurs principaux, ceci garanti une certaine durabilité du projet.
Des outils à main ont été achetés et distribués aux équipes de travail.
La route finale donne un accès plus rapide dans les zones montagneuses. Ceci engendre des améliorations de la situation économique, de l'état de la santé et le confort du logement des habitants par ex : les marchands peuvent se rendre plus vite au marchés de Porte au Prince, le transport des personnes malades et des médicaments est beaucoup plus facile, le transport du matériel de construction ne doit plus se faire sur dos d'âne, la construction de maisonnettes durables devient possible.
Les responsables d'Action Avenir Haiti ont trouvé avec Monsieur Kesnel Gilles une personne tout à fait qualifiée et fortement motivée pour le projet. En avril 2014 une délégation du comité de Luxembourg a visité les lieux et a trouvé un nouveau chemin carrossable. Les habitants de la zone sont impliqués dans la maintenance du projet et ils sont très reconnaissants pour le financement de la route.

Rob Theisen





# Projet: Ecole Le Reformiste













## Manifestation de sensibilisation pour l'hygiène

















Mur devant l'école



Bureau de la direction



Stock de livres et matériels scolaires



Cyber Café



Bibliothèque



Salle Multimédia







Stock outillage et matériel de travail







Stock alimentation pour la cantine

Aménagement d'un conteneur comme dépôt

# Offiziell Aweiung vun der Schoul

Den 13. Abrëll 2014 war et souwäit: no jorelaangem Plangen a Bauen, ass eist neit Schoulgebai ageweit ginn.

Dat Ganzt sollt am Haff vun der Schoul stattfannen, a fir ze evitéieren, dass de Publikum misst e puer Stonnen an der praller Sonn setzen, war den Dag virdrun e risegen Iwwerdaach opgeriicht a sou gutt wéi méiglech festgemaach ginn. Anscheinend war et awer net gutt genuch, well den Dag vun der Inauguratioun ass duerch ee Wandstouss alles zesummegefall, an huet du mueres nach eng Kéier misse bëssi méi wandsëcher opgeriicht ginn.

Schlussendlech stoung awer alles rechtzäitech, wéi di éischt Gäscht bis agetraff sinn. Eis ass direkt opgefall, wéi wahnsinneg chic déi meescht vun hinne waren, soudass mir eis nawell zimlech underdressed virkomm sinn. Mir haten zwar fir dësen offiziellen Ulass extra bëssi besser Kleeder agepaakt, mee dass een sech carrément sollt an d'Gala-Tenue geheien, domadder hate mer dann awer net gerechent.














De Publikum war eng relativ bont zesummegewierfelt Gesellschaft vu Leit di méi oder manner enk mat eiser Schoul verbonne waren, an zwar déi verschidde Membere vun AAH Rivière Froide, déi importéiert Memberen a Frënn vun AAH Lëtzebuerg, d'Proffe vun der Schoul, Schüler (e puer Representante vun all Joergang), Membere vun aneren ONGen déi zu Haiti engagéiert sinn,... a natierlech déi méi offiziell Invitéë wéi de Buergermeeschter vu Carrefour oder verschidde Vertrieder vun der Gemeng a vum Ministère de l'Education nationale.

D'Manifestatioun ass nawell relativ pünktlech ugaangen. Virgesin war e laange Programme, deen am Virfeld awer sou oft gewiesselt gouf, dass deen Depliant, deen d'Leit bei hirer Ankunft an de Grapp gedréckt kruten, schlussendlech awer net richteg war. Bei där mega Hëtzt an där de gesamte Publikum (trotz Iwwerdaach, deen tatsächlech de ganzen Dag iwwer gehalen huet) souz, war et gutt, dass och sou eng Aart Bar mat Service virgesi war, an ee plus ou moins regelméisseg a plus ou moins op Demande mat eppes ze Drénke konnt versuergt ginn.

Vir op der „Bühn" goufen da virun allem eng ganz Rei, oft zimlech laang Riede gehalen, an zwar vun engem vun de Proffen, engem Schüler, dem Direkter vun der Schoul, enger Représentante vum Ministère de l'Education nationale, dem Buergermeeschter... Lëtzebuerg war duerch de Rob, eise Prési, och um Riednerpult vertrueden. A virdrun hat de Moderator vun der Manifestatioun sech et och net huele gelooss fir och nach emol d'Wichtegkeet an den Engagement vun eisem Jemp national ze ënnersträichen, dem „cerveau de AAH" wéi hien de Jemp sou schéi genannt huet.

Am Endeffekt gouf also ganz vill geschwat a vill philosophéiert. Mir hunn net ëmmer alles verstanen, well Villes war sproochlech zimlech kreolesch ugehaucht (an eis Kompetenzen am Kreolesche sinn nach net sou wäit developpéiert), an et gouf och eng Rei méi sophistiquéiert Riede mat ville wichteg kléngende Wieder dran. Opgelockert gouf dat Ganzt vun enger Serie „interludes culturels", e Mélange aus Virféierunge vu Schüler aus eiser Schoul a puer méi oder manner professionelle Groupen, déi e Mix aus Gesang, Danz a Voudou opgeféiert hunn.

No dësem méi offiziellen Deel ass di richteg Feier du lassgaangen. Als éischt goufen d'Leit op en lessen invitéiert a konnten deen im-pressionante Buffet bestaunen, deen de Johnny creéiert hat.

Den Johnny selwer stoung dann och stolz (a senger neier Tenue de chef cuisinier, déi en vum Jemp geschenkt krut hat) nieft dem Buffet an huet säi Wierk houfreg presentéiert. Dëst war d'ailleurs sou schéin, dass een sech bal net getraut huet

drunzegoen, mee dunn, no deem éischte Bëssen, huet ee festgestallt, dass de Goût der Presentatioun an näischt nostoung. Mir Lëtzebuerger wossten zwar net ëmmer onbedéngt wat mer da lo do am gaange waren ze iessen, mee geschmaacht huet et op alle Fall!

Am Laf vum Dag gouf dann och nach dat traditionellt rout Band duerchgeschnidden an di offiziell Delegatioun huet nach eng Visite vun der Schoul gemaach, ier si sech dann op de Wee gemaach hunn.

Duerno ass et um Terrain vum „Reformiste" awer réischt sou richteg lass gaangen, an d'Party gouf musikalesch lancéiert. Di markant Constructioun, di fir d'Musek opgeriicht gi war, hate mir och schonn am Virfeld bewonnert. D'Boxe waren sou grouss an sou zahlräich, dass een domadder och ouni Problem di ganz Rockhal hätt kennen animéieren, an sou huet dann och de ganze Quartier vun der Rivière Froide vun eiser Fiesta profitéiert. Ganz interessant war och d'Récksäit vun dëser Constructioun, mat engem enorme Kabelwirrwarr, dee souguer fir haitianesch Verhältnisser impressionnant war. Egalwéi huet et awer tipptopp fonctionnéiert, bis dass et owes op emol uerdentlech ugefaangen huet mat reenen. D'Boxe waren domadder net sou frou an dowéinst gouf et eng kuerz Musekspaus. Dat war awer net weider tragesch: et goufe séier mol e puer riseg plastiks Baatschen iwwert d'Boxe gezunn, an dunn ass einfach live Musek gemaach ginn. Eng Rei Leit hunn sech du metalle Poubellesdeckele geschnaapt, a bei deem improviséierte Perkussiouns-Concert konnt een am Endeffekt grad sou gutt danze wéi op di elektronesch Musek aus de Boxen. Wéi d'Donnerwieder riwwer war, goufen d'Boxen du rëm ugeschmass. Well se awer alt liicht naass gi waren, konnt dat engem bëssi Angscht maachen, mee no e puer klenge Quaken a bëssi Gezischs huet d'Musek rëm iwwert d'Rivière Froide gedröhnt.

D'Party goung nach laang weider, mee d'Enn hu mir perséinlech net méi matkritt, well mir ware freckt an hunn eis dofir iergendwann spéit an der Nuecht op de Wee an d'Auberge gemaach.

Martine Thoma a Yasmine Harsch













## Ariichte vun enger Bibliothéik

Wéi am Abrëll 2014 eng Delegatioun vun AAH op Haiti sollt fueren, krute mir perséinlech den Optrag, eis em d'Organisatioun an d'Ariichtung vun der Bibliothéik ze këmmeren.

Mir hunn also am Virfeld probéiert, eis mol e Gesamtkonzept ze iwwerleeën. Dofir ware mir eis als éischt an e puer lëtzebuerger Schoulbibliothéike bëssi Inspiratioun siche wat de Klasséier- an Ausléinsyteme ugeet... an hunn du kuerz drop rëm alles verworf, well et eis vill ze vill komplizéiert geschéngt huet fir eng Bibliothéik an engem Quartier an deem di grouss Majoritéit vun de Leit nach ni an hirem Liewen e Fouss an eng Bibliothéik gesat hunn, an deenen hier Connaissancë bezüglech der Literatur an der Lecture och éischter geréng sinn. Mir hunn dunn eisen eegenen, Haiti-ugepasstene, Systeme entwéckelt, mam Kredo „alles sou einfach wéi méiglech"!

D'Material, dat mer fir d'Ëmsetzung vun eisem neierschafftene Konzept gebraucht hunn, hu mer hei zu Lëtzebuerg akaf. Virun der Rees goufen déi Saachen dunn equitabel ënner deene verschidde Leit di matgefuer si verdeelt, sou dass déi dunn nieft T-Shirten, Shorten, Slipen... och alt nach Schéieren, Etiquetten, Abannpobeier, Bensinsstëfter, Classeuren a.s.w. an hirem schonn iwwerluedene Gepäck hu missen ënnerkréien.

D'Këschte mat de Bicher (déi mir iwwert eng länger Zaït verdeelt vun enger Rei Schoulen, Bibliothéiken, Associatiounen a privat Leit gestëft kruten), ware scho laang virun eis op Haiti ukomm an hunn dunn e puer Joer an iergendwelleche provisoresche Lageren op eis gewaart. Wéi mir dunn op Haiti op eiser „Aarbechtsplaz" agetraff sinn, goufen et direkt mol e puer Iwwerraschungen. Als éischt eng gutt, an zwar d'Ariichtung vun der Bibliothéik, mat super Dëscher, Büro a Regaler déi de Luckner, en haitianesche Schräiner deen och beim Bau vun der Schoul matgeschafft hat, gebaut hat. An duerno eng schlecht, an zwar de Bierg voll Bicherkëschten, an deenen sech iwwert d'Joere masseweis Stëbs an och soss nach e puer onappetitlech Saachen ugesammelt haten.

Eis éischt Aufgab war et du fir di Tonne Këschten an d'Bibliothéik ze transportéieren, auszeraumen an dobäi ze probéiere fir bëssi Uerdnung an dat ganzt Bicher-Chaos ze bréngen. Deemno hu mer beim Auspake mol direkt eng éischt Tentativ fir e Klassement no Genrë gemaach, an dat no engem ultra sophistiquéierte Systemen deen dann heescht „mir stapele kéipweis an d'Héicht wat beienee passt"! Als nächst hu mer di verschidde Regaler agedeelt an du goufen d'Bicher no Genre doranner ageraumt, z. B. Kannerbicher, Schoulbicher, Romaner, Sachbicher, Literatur, ... Mir hu souguer e puer Exemplairë vun der erotescher Literatur an eise Këschten entdeckt, an hunn déi mol prophylaktesch an di héich Regaler, déi fir d'Kanner méi schwéier erreechbar sinn, ageraumt.

Parallel dozou goufen déi ageraumte Bicher du no eisem selwer élaboréierte Code-System mat Faarwen, Punkten, Etiquetten, a.s.w. marquéiert. E groussen Deel vun der Zäit ware mer deemno mat tesselen, pechen a Buschtawe mole beschäftegt. Dobäi krute mer regelméisseg eng wäertvoll Ënnerstëtzung vum Charel, Max, Tom, Nathalie, Jeanny, Sebastian a Marko. Déi waren am Fong op anere Poste „ugestallt", mee soubal se zwëschent Spiller sortéieren, hummeren, werkelen oder Solar-Panneaue fixéieren eng fräi Minutt haten, koumen se an d'Bibliothéik eragesprongе fir eis ze hëllefen.

Mir kruten awer och vun haitianescher Säit kräfteg ënnert d'Ärem gegraff, an dat virun allem vum Martine, wat sech spontan ugebueden huet fir matzehëllefen an dunn och all Dag vu mueres bis owes do war fir ze schaffen.

Dobäi huet hatt eis sou duerch säin Enthusiasmus, säin Engagement a seng Kompetenz impressionéiert, dass mir hatt souguer als Kandidatin virgeschloen hunn fir den zukünftege Posten vum Bibliothécaire.

Di vill Hëllef war och net onnëtz, well schonn nom éischten Dag ass eis bewosst ginn, dass mir di Aarbecht, déi an der Bibliothéik ze erleedege war, monumental ënnerschätzt haten. Dozou koum, dass d'Konditiounen an deene mer geschafft hunn och net déi Einfachste waren. Virun allem war et dagsiwwer onerträglech waarm, a fir der Hëtzt alt bëssi aus de Féiss ze kommen si mer deelweis schonn um 5 Auer opgestanen, sou dass mer nach bësse vun deene fréie Mueresstonnen, an deenen et liicht méi kill war, konnte profitéieren.







An der Hoffnung bëssen Duerchzuch ze kréien hu mer an der Bibliothéik vill mat oppenen Diere geschafft, wat awer de Nodeel hat, dass nieft deem ganze Stëbs vun de Bicher an de Këschten och nach lauter Stëbs aus dem Haff a vun der Strooss erakoum. Mam Resultat, dass een all Mueren scho no maximal 2 Minutten an ongeféier deem selwechten Zoustand war, an deem een d'Bibliothéik den Owend virdru verlooss hat, dat heescht: stëbsesch, schweessesch, pechesch a ruppesch.

Well virgesi war, dass d'Bibliothéik géif an engem Raum mam virgesinnene Cyber-Café fonctionnéieren, goufen nieft dem Bicheraraumen och nach eng Rei Laptoppen installéiert. Déi Installatioun huet awer Gott sei Dank wesentlech manner Zäit gebraucht wéi déi vun de Bicher… Wéi mir schlussendlech zréck op Lëtzebuerg geflu sinn, war d'Arbecht an der Bibliothéik nach net ganz ofgeschloss, mee dat war net wieder schlëmm, well d'Martine war jo gutt ugeléiert ginn. Entretemps ass hatt dann och tatsächlech als Bibliothécairin agestallt ginn, an zënterhier schafft hatt och nach wieder un der Organisatioun a Gestaltung vun der Bibliothéik.

Martine Thoma a Yasmine Harsch

# Interview

## (Nathalie Scharpantgen)

1.Wat waren deng éischt Andréck wéi's du um Fluchhafe gelant an dunn op Carrefour gefuer bass?

15/02: No enger laanger Rees ouni Schlof, dem Depart vum Fliiger mat enger Stonn Verspéidung, a menger éischter Bekanntschaft mat enger léiwer aler Haitianerin, hunn de Woll, den Eric an ech eist Zil erreecht: Landung op der onofhängeger Inselrepublik Haiti.
Aus dem Fliiger eraus: meng éischten Andréck: 30°C, sonneg, bloen Himmel, an eng impressionant Landschaft mat ville Bierger. Séier de Sonnenhutt an de Sonnebréll ugedoen fir sech virun de karibesche Sonnestrahlen ze schützen. Ech si mol gespaant wat mech hei erwaart...
Wat een Empfang… De Jemp an de Luss waarde scho mat der ganzer Equipe vun der Schoul Le Reformiste um Fuchhafen op eis. Mannschaft a Gepäck an den Auto gelueden, a lass geet et. Di ganz Band huet eis bis an den Hotel zu Port-au-Prince begleet, wou mir eis éischt Nuecht verbruecht hunn.
16/02: No enger kuerzer Nuecht an engem gemittleche, gudde melle Bett, engem klengen Jet Lag an engem laaaaange Frühstück (± 1 Stonn Waardezäit no der Commande …haitianesch Gemittlechkeet eben), si mir Richtung Westen op Carrefour / Rivière Froide an d'Schoul Le Reformiste gefuer.

Ënnerwee nach schnell e Change (US$→ Haitianesch Gourden) an engem klenge Supermarché, e bësse Proviant akaf, an da weider Richtung Schoul. Uii … wat sinn hei d'Stroossen an engem Zoustand, wann een dat iwwerhaapt als Strooss ka bezeechnen.
Meng Gedanken um Wee fir an d'Schoul waren: Wat maachen di Kleeder, Iesssaachen, Pneuen, Elektrogeräter, Miwwelen asw… iwwerall stoen? Ahh …dat sinn de Leit hir kleng Verkafsstänn.
Wat e Kaméidi, Getuuts, wat e Stëpps, wat e Geroch, wat en Dreck op de Stroossen, wat vill Leit iwwerall. Uppss… e Feier matten an der Strooss!? Ahh… Müllverbrennung.
Wou sinn d'Stroosseschëlter? Wou si mir iwwerhaapt drun? Wou sinn d’Verkéiers-luuchten, d’Zebrasträifen, d’Strosse-markéierungen!? Ahh … hei herrschen haitianesch Verkéiersregelen.
Déi ganz Ambiance ass schwéier ze beschreiwen, well sou vill Andréck an enger Kéier op ee wierken.







2. Kanns du eis beschreiwe wéi's du an der Schoul gewunnt hues a wat's du do erlieft hues?

Ukomm an der Schoul Le Reformiste, hunn ech mol net schlecht gestaunt wat AAH hei opgebaut huet. Soss ass et jo éischter ëmgedréint: op de Fotoen gesäit ëmmer alles besser aus wéi a Realitéit. Hei ass et de Géigendeel: och mat puer klenge Schéinheetsfeeler, gesäit een op den éischte Bléck, dass des Schoul mat vill Léift opgebaut ginn ass, a mat vill Léift geleet gëtt.
Hei sollen de Jemp, de Woll, den Eric an ech déi nächst 5 Deeg am Bureau vun der Direktioun iwwernuechten.
Am Fong hate mir kee Grond fir eis ze bekloe, géigeniwwer vun der Wunnsituatioun vun eisen haitianesche Kollegen.
Mir hunn eis e Kanister Waasser an d'Zëmmer gestallt dee mir zu all Moment virun eiser Hausdier, aus engem ënnerierdesche Waasserreservoir, nofëlle konnten. Och e Frigo, an deem mir haitianesch an och bekannte Liewensmëttel konnten op Wonschtemperatur killen, stoung eis am Zëmmer zur Verfügung.
An enger Annexe aus Beton, direkt nieft dem Schoulgebai, war och eng Toilette, zwar ouni Luucht an ouni Spülung, dofir awer mat Fosse Septique.
Dank der Solaranlag um Daach vun der Schoul, konnte mir eis glécklech schätzen och an der Nuecht Elektresch an der Schoul an natierlech och an eisem Zëmmer ze hunn. Och wann den Trafo heiansdo verréckt gespillt huet (Stroum un … Stroum aus … asw…).

Eng Dusch hate mir keng, an ech war deementspriechend frou, dass de Luss eis no der drëtter Nuecht an der Schoul bei sech an der Auberge dusche gelooss huet. E Kuss fir de Luss!
An der Schoul hu mir dëse Problem op almoudesch Aart a Weis geléist: Biitchen, Läppchen an Allround-Seef.
Vun deene 5 Deeg, déi mir an der Schoul verbruecht hunn, hate Kanner nëmmen 2 Deeg Schoul, well vu Méindes bis Mëttwochs Fuesvakanz war, an de Carneval zu Haiti 3 Deeg laang ausgibeg gefeiert gëtt. Dëst Joer war awer och leider en tragescht Accident geschitt wéi ee Carnevalswon an eng Héichspannungsleitung geroden ass, an dowéinst 16 Mënschen ëm d'Liewe komm sinn a méi wei 70 blesséiert goufen. D' Regierung huet zu 3 Deeg Staatstrauer opgeruff.

Um Terrain vum Schoulhaff waren ëmmer vill Leit um Wibbelen. Iergendwéi ass et mir ganz schwéier gefall fir d'Leit auserneen ze halen. Ween ass hien? Ween ass hat?... Ahh jo, Ahh nee ... awer net.
Zum Schluss hat ech dann awer, zum gréissten Deel, den Iwwerbléck ween fir wat zoustänneg ass.

3. Wéi gesäis du den Ënnerscheed tëschent Port-au-Prince, Rivière Froide an Angibeau?

Zu Port-au-Prince ass mir virun allem opgefall wéi vill d'Äerdbiewe vun 2010 an der Haaptstad an Ëmgéigend zerstéiert huet. Elo sinn et schonn iwwert 5 Joer hier, an et kritt een d'Gefill wéi wann et gëschter gewiescht wär. Gréisser Gebaier déi am Koup zesummegefall sinn, grouss Lächer an de Stroossen, iwwerall Kéip mat Bauschutt. Och wou mir eis op de Wee gemaach hunn fir op Pétionville, sinn ech richteg erféiert wou ech op der Stréck fir erop een Terrain gesinn hunn, wou op enkstem Raum eng etlech bleche Buden, mat Plastiksbaatschen opgeriicht sinn.

Rivière Froide war am Géigendeel zu Port-au-Prince méi roueg. Nach ëmmer vill Leit, awer net méi grad sou eng Mass vun Leit wéi an der Haaptstad. Et war nach eeneger Moossen iwwersiichtlech. Ech denken och, dass d'Leit op der Rivière Froide e bessert Verhältnis zoueneen hunn. Mam Dreck op den Stroossen war et och besser wéi Richtung Haaptstad. Awer leider nach ëmmer ze vill.
Ech ka schwéier beuerteele wat d'Äerdbiewen hei alles zerstéiert huet, well ech d'Situatioun virdrun ni gesinn hunn.

Zu Angibeau ass mir dunn rëm bewosst ginn: Du bass an der Karibik! Wat e fantastescht, schéint Land, déi schéin Natur an déi ofwiesslungsräich Flora. An déi Rou … - dat ass ee jo guer net méi gewinnt. E Bléck erof op Rivière Froide huet mech erëm waakreg gerëselt. Just e puer Famillje wunnen hei uewen an de Bierger, mat groussem Ofstand zoueneen. Mee, leider och hei uewen an de Bierger, gëtt nach ze vill Dreck einfach an d'Natur gehäit.







4. Wéis du gesinn hues, huet Haiti zimlech vill Problemer. Wat waer fir dech am Wichtegste fir fir d'éischt ze änneren a firwat?

Ech denken mir, dass Bevëlkerung vun Haiti un éischter Stell eng Regierung brauch, déi eppes Wäertvolles fir déi gesamt Gesellschaft bréngt, an d'Geld an nëtzvoll Projeten fir di gesamt Bevëlkerung investéiert. Wéi ech an der Zeitung "Haiti Liberté" gelies hunn, dass den Herr President Martelly sech géing aus der Staatskeess servéieren, fir domat eng Villa vun 9 Milliounen Dollar am Norden vun der Haaptstad opzeriichten an och Wëlles huet en Hotel zu Punta-Cana, an der Dominikanescher Republik an Luxushaiser an Amerika ze bauen, hunn ech d 'Welt net méi verstan.
D 'Awunner vun Haiti, déi an den lëschten Joren schonn hunn mussen sou vill matmaachen duerch verschidden Naturkatastrofen, hunn zum Deel hir Familljen an hiert Doheem verluer, dat ass schonn alles schlëmm genuch. An eng richteg Ënnerstëtzung vum Staat kritt Bevëlkerung net.

E weideren wichtegen Problem gesinn ech an der Verknaschtung vun dëser karibescher Insel. Et ass einfach zevill Schued fir dat schéint Land an d'Natur ze verknaschten. Mee leider hunn d'Leit keng Méiglechkeet hiren Offall ze entsuergen. Also gëtt deen mol einfach iergendwou hin gehäit oder op der Strooss verbrannt. Mee firwat net e Profit aus déier Problematik zéien? Et ass jo gewosst dass an Haiti den Stroum éischter eng Raritéit ass. Firwat net eng Müllverbrennungsanalag bauen an Stroum produzéieren. Dat wier dach eng konstruktiv Idee, wann d 'Suen dann géingen richteg investéiert ginn.

5. Wat huet dech am meeschte beandrockt? Souwuel eppes positives wéi eppes negatives.

Wat mech am meeschte positiv beandrockt huet, war dee Liewensmutt, déi Zefriddenheet, Dankbarkeet a Frëndlechkeet vun den Haitianer, déi et net einfach hunn a schonn sou vill grausam Erliefnesser duerchgemaach hunn. Trotz deene schlëmmen Erfahrungen, hunn ech kee begéint dee mir d'Gefill ginn huet e wéilt opginn. Éischter de Géigendeel war de Fall. Ech hunn immens vill Respekt do virdrun an ech bewonneren déi Leit dofir.

Eng éischter negativ Erfahrung war, dass een sech als "Wäissen" virkomm ass wéi eng Attraktioun. Oder nach schlëmmer: wou mir zu Angibeau an de Bierger beim Kesnel senger Famill waren, huet e klengt Meedchen ugefaang mat kräische wou hat mech gesinn huet, well dat fir d'éischt war dass hat e "Wäissen" gesinn huet. D' Meedchen huet mir sou Leed gedoen an ech hätt mech am léifsten am Buedem verkroch. Dat war kee schéint Gefill, a lo hunn ech och mol erlieft, wéi een sech als "Aussesäiter" fillt.

Mäin Fazit vu mengem Tripp op Haiti:
Mir si vill Saachen eréischt bewosst ginn, wou ech erëm doheem a menge sterile 4 Wänn war. Ech hunn puer Deeg gebraucht bis ech all déi Andréck an Erfahrunge verdaut hat. Ech si frou, dass ech Haiti eng Kéier konnt sou no mat erliewen, a wann ech nach eng Kéier sollt zeréckgoen, géing ech vill Saachen anescht maachen.
Ech soen AAH villmools Merci, dass ech dës wäertvoll Erfahrung konnt maachen.

Nathalie Scharpantgen

# Eric's trip to Haiti

*Den Eric Wiggins war am Kader vum CAS-Projet (Creativity, Action, Service) vu sengem Lycée aus am Februar mat an Haiti. Fir seng Famill a Frënn huet hien wärend sengem Openthalt ee Blog geschriwwen. Hei e puer Extraiten doraus:*

So after at least 20 hours of travelling I finally arrived in Haiti and as soon as I go out of the plane the first thing that I say was Haitian mountains and the Heat (could have to do with me still wearing jeans and a long sleeved shirt)
Now after arriving we were picked up by our friends (Jemp and Luss), who had already arrived. However a problem ensued since we were 11 people (not only Jemp and Luss were there, but also six Haitians who work with them in the school). So we solved it the Haitian way…
Just all jump on back !!
I can tell you it was extremely fun to ride on the back of a pickup with about 50-70km/h. So when we got in to the denser traffic, I was also able to take pictures (because before I was holding on for dear life).
Just in case you were wondering, I also worked! (what a surprise) I helped in the laying of wood in the principles office. In case you were wondering, the time laps between the first and the pictures after is 3 hours (something was wrong with the wood so it took FOREVER). Luckner (left) and Reginald (right) posing on their work, and on the right he's testing if its breakdance proof :)
After that we went to eat at Yvette's, Lionel's wife, and the food was delicious!













I decided to do something else and helped Lionel (president of the AAH here in Haiti) to mark a small area in the back and attempt to grow some grass! Hope it works for them, I wont be here when it starts to grow.

Then somehow a merchant got Inside past the gates, which as you have seen from the pictures of day 2 are pretty high, and set up a stand here. He knew exactly that 5 white people were here who would most likely buy his merchandise… and he was right, but I did not give in without a bit of haggling. I got a bracelet and a stone for a necklace for 150 grdes (about 3$) instead of 350 grdes.

Then around 9:30am Luss arrived and after that at exactly 10 everybody else arrived. Luss told them to and they would not dare to arrive to late (because after an infinite amout of visits they know what to expect from him).
We began cleaning out the storage room for the schools food, they had been leaving the rice bags on the floor among other things and that attracted unwanted guests. Mice came Inside and we had to chase them out first, then we brought everything out and cleaned it.







All the food was brought into the kitchen
Inside there are two shelves, a big one (for larger vegtables) and a small one (for smaller food items). Both have metal nets in order to keep the animals away from the food. Luss decided to place them in the middle to leave the mice no room for hidding and then to connect them with tow boards in order to have room to place the rice higher from the ground.
Rivière Froide was really unlike what I have seen before…
The landscape is marked by valleys, mountains, a (somewhat small) river, forests in the distance and there and here palm trees. Its truly something to behold.















Today was a bit more eventful compared to yesterday, but it was probably one of the more exiting ones as well.

Jemp had it planned that we'll go to Angibeau, a town higher up in the hills, there we could see the rural side of this beautiful country, and after you've seen these pictures, you'll agree with me:

I think it's pretty clear now how beautiful this country is and can be, its only that you have to go where less people are. When we made it there (luckily, the roads are horrible and it even looked as if the car wouldn't make it), we were greeted by Kesnel. Here we were also given coconuts, that was my first time drinking coconut milk like that, its a bit messier than in a box :)

It was delicious though, after that we went to Kesnels family and saw how they lived.

In the end we left at around 4pm, to return to the Auberge. I finally took the tap-tap to go back, no pictures so you'll have to look it up on the internet. Its really fun though, smelly but fun.


Fotoreportage Rémy Walle




Help
save lives






















SALLE MULTIMEDIA














DIRECTION


DIRECTION

# Zukunftsvisioune vun AAH



Nodeems eist Schoulgebai lo säit iwwert engem Joer steet an de Betrib leeft stelle mir eis d'Fro wéi mir de Schoulhaff an och den neien ugrenzenden Terrain kënnen amenagéieren.

Ugefaangen hunn eis ganz Iwwerleeungen domadder, dass d'Schoulkanner sollen eng anstänneg Plaz hu wou si kennen iessen. De Moment leeft d'Iessen nach zimlech improviséiert of, d'Kanner ginn hiren Teller an d'Kiche sichen an iessen an hire Klassesäll. Dass dat keng glécklech Léisung ass schéngt evident, also hu mir eis geduecht, dass mir deen neien Terrain kéinten notze fir eng Kantin ze bauen.

Déi Kantin kéint dann och verlount gi fir Hochzäiten, Dafen oder aner Fester, misst also eng Kichen, en Depot an eng Bar hunn, vläit souguer eng kleng Bühn...

Op dem nämmlechten Terrain wéilte mir och e klenge Fussballsterrain amenagéiere fir dass d'Schoulkanner eng flott Plaz an hirer Paus hu fir ze spillen. Dëse Fussballsterrain kéint och ausserhalb vun de Schoulzäite genotzt ginn.

Während engem kuerzen Openthalt Fuesent 2015 hu mir eis den Terrain genau ugekuckt, virun allem den Nivellement an d'Beem déi hei stinn an elo si mir amgaang ze plangen, wéi een dat Ganzt am gënschtegsten an ouni ze vill Beem ëmzehan kéint realiséieren.

De Schoulhaff selwer soll och méi frëndlech a kandsgerecht ginn. De Moment ass de Schoulhaff näischt Anescht wéi Stëbs a Steng, an et gëtt weder Schiet nach eng Sëtzgeleeënheet fir d'Kanner. Also hu mir während eisem Openthalt op der Rivière Froide geplangt fir e puer Beem am Haff ze planzen, Zonë matt Gras ze amenagéieren an eng Spillplaz ze installéieren. De Rescht vum Haff kéint eventuell matt Pavé ausgeluecht ginn an et wären och e puer Bänke virgesinn.

De ganzen aktuelle Komplex Kichen-Atelier-Depot kéint och no hannen hin vergréissert ginn. Déi momentan Kichen, déi jo net méi gebraucht gëtt wann d'Kantin steet, kéint zu enger Salle de jeu fir d'Spillschoul ginn, no hannen op, op eng „Aire de Repos". Des weidere wéilte mir nach e puer Zëmmer bäibauen, sou dass eis zwee Conciergë Wunnraum hätten, an och d'Membere vu AAH-Lëtzebuerg wann si an der Schoul sinn. Och iwwert e Waasserreservoir an der Héicht, e Schoulgaart an eng Clôture zum Floss hin gëtt nogeduecht.

Dir gesitt, et ginn nach vill deier Iddien déi et derwäert wäre realiséiert ze ginn, mee wéi ëmmer si mir bei dem Ganzen op finanziell Ënnerstëtzung ugewisen. Dofir wäerte mir lo Alles als Gesamtprojet schreiwen an e richtege Plang ausschaffen dee mir eventuelle Sponsore kënne proposéiere fir dass mir sou séier wéi méiglech matt den Aarbechte kënnen ufänken.

Tom Weber



# Haiti 2001-2015

Am Februar **2001** sinn ech déi éischte Kéier an Haiti aus dem Fliger geklomm, zesumme mam Roby a mam Flëpp. Eng waarm Loft ass mir entgéint geflunn, no 5 Minutten déi éischt Schweesspärelen. Ech hat mer virgeholl fir dëser neier Erfahrung ganz oppen entgéintzegoen, nei Aflëss op mech awierken ze loossen. Dës Aflëss waren dunn och direkt ganz intensiv. Soubal aus dem Fluchhafen eraus, geet et lass, Leit, Leit, Leit iwwerall, Chaos, Duercherneen, et ass waarm, „mon ami", „blanc, blanc, mon blanc", munchmol richt et net ganz gutt, vill Verkéier op de Stroossen, verschidde Gefierer sinn deelweis an engem katastrofalen Zoustand, permanent gëtt getut, den Zoustand vun de Stroossen ass lamentabel. Ech hunn net schlecht gestaunt wéi ech déi éischt grouss Lächer, respektiv Kanalschächt ouni Deckel op der Strooss gesinn hunn. Mir sinn direkt mat eisem Jeep duerch Port-au-Prince gefuer, alles ass do nach méi kompriméiert a chaotesch, d'Stroosse sinn nach méi enk, et gesäit ee vill Dreck. Alles gëtt op der Strooss verkaaft, Kleeder, Dëppen, Matrazen, Miwwel, Geméis, Eeër, Ersatzdeeler fir Autoen, an an an… iwwerall ass Maart, Port-au-Prince ass u sech een eenzege grousse Maart, mee deelweis kënnt een sech och vir wéi op engem groussen Dreckstipp. Mir fueren duerch Carrefour. De Rom huet gemierkt datt ech mech net wuel a menger Haut fillen, a seet „geschwënn si mer an enger anerer Welt" a sou war et och. Mir sinn ofgebéit fir an eist Hotel, d'Auberge du Québec. Effektiv eng aner Welt, hannert héije Mauere verstoppt sech e passabelen Hotel, deen eis nees an eis gewinnten, oder besser gesot verwinnten Atmosphär zréckbréngt.Puh, meng éischt Stonn an Haiti hunn ech hannert mer, ech hunn bësse Schwieregkeeten fir meng Andréck ze verschaffen, ech froe mech, „wat mëss du hei?", dat häls de net aus, ech well heem!

Zwou Wochen méi spéit klammen ech nees an de Fliger fir zréck an ech hu mat Tréinen an den Aen geduecht: dat war NET déi läschte Kéier. Dat eis Affaire Haiti sech awer sou an deem Mooss giff entwéckelen, hätt ech dee Moment ni gegleeft.

**2015**, véierzéng Joer méi spéid, hunn ech Haiti 20 Mol besicht, eng Onmass vun Andréck an Erfahrungen an dësem schwieregen an awer schéine Land gesammelt. Et ware net ëmmer gutt Erfahrungen, mee villes hunn ech hei op meng „al Deeg" nach geléiert, vill schéi Momenter erlieft, an e grousse Krees vu Frënn huet sech mëttlerweil ugesammelt. Et giff de Kader sprengen fir ze probéieren alles hei nidderzeschreiwen, duerfir giff ech 2 Geschichten erauspicken, déi besonnesch a mengem Kapp hänke bliwwe sinn a mäi Bild vun Haiti geprägt hunn.

**2002**: Am Kader vun engem Odyssee-Projet schaffe mir zu 17 Scouten zu Cap-Rouge, bei der Stad Jacmel am Süde vun Haiti. Mir bauen eng Waasserzetär vu 7 op 7 Meter zesumme mat haitianesche Scouten. Ech sinn amgaang mat enger Schubkar Sand vun enger Plaz op déi aner ze féieren.

Um Wee zréck, wann d'Schubkar eidel ass, hunn ech ofwiesselnd 2 kleng haitianesch Kanner an der Schubkar sëtzen. Se fannen et immens flott vun engem Wäissen an der Schubkar gefouert ze ginn. Engem klenge Meedche schéngt dëst besonnesch gutt ze gefalen. Vun deem Dag un war hatt mäi Schied, ech sinn et net méi lass ginn. Iwwerall wou ech war, war och d'Roselène. Seng Kleeder hunn net gutt ausgesinn. Ech hunn him en T-Shirt vu mir ginn, deen awer fir hatt éischter e Kleed war. Mëttes dunn ass op eng Kéier dem Roselène seng Mamm opgetaucht. Si schénge schonn iwwer de Jean-Pierre geschwat ze hunn, an d'Roselène wollt senger Mamm wahrscheinlech dee Wäisse weisen. Ech sot, si hätt do e léift klengt Meedchen, a well ech witzeg wollt sinn, hunn ech gesot, ma ech huelen et mat op Lëtzebuerg. D'Fra huet mir du geäntwert ,….. « Jo, kee Problem, huel et mat! » De Witz ass mir am Hals stieche bliwwen, an ech hu gemierkt wat fir eng leselzegkeet ech do gesot hat. Ech hu probéiert der Madame ze erklären et wär net eescht gemengt gewiescht, a si sot et wär ok, mee ech kéint et awer mathuelen a meng Welt wann ech wéilt. Mir ass bewosst gi wéi verzweifelt Eltere musse sinn, dat se engem frieme Mënsch einfach sou hiert Kand giffen uvertrauen. Dëst Phänomen ass mir, an och en etlech etlech anere Wäissen, nach oft an Haiti begéint. Haitianer giffen hir eege Kanner hirginn, fir datt se an enger anerer besserer Welt opwuessen, an dann eventuell enges Daags nees der Famill op Haiti kéinten hëllefen. Et ass wierklech traureg.

**2008**: Mir hu geplangt dem Félix an dem Barthol seng Elteren an de Bierger ze besichen. Et kënnt een net mam Auto dohinner a meng Frënn hu mech gewarnt, dat wär net ganz einfach. Mir misste moies mat Zäit fortgoen. Ech hu gemierkt, si hunn sech berechtegterweis Suerge gemaach fir meng Konditioun, mee ech hu mech net dovun ofbrénge gelooss. Ech wollt wësse wou si hierkommen, a wéi hir Elteren do liewen. Moies si mir um 4 Auer zu Jacmel am Hotel opgestanen, a lass geet et. Vir d'éischt aus Jacmel eraus, dunn ass et annerhallef Stonn mam Jeep duerch d'Flossbett vun der „Gosseline" gaangen, e Wee deen net ganz einfach ass. Fréier war eng Strooss derlaanscht. Mëttlerweil ass dëse Wee net méi do, well bei all grousse Reen, huet de Floss e Stéck méi







grousse Reen, huet de Floss e Stéck méi vum Ufer matgeholl, a schlussendlech och d'Strooss. Et ass wéineg Waasser am Floss, also probéiere mer de Wee am Bett selwer ze fannen, e Bett wat op Plazen e puer honnert Meter breed ass. All Kéiers wann et reent, geet de Wee nees frësch definéiert. Et ass nach däischter, a Gottseidank hu mir en Camion wäit virun eis, deem seng hënnescht Luuchten eis de Wee weisen.
Géint 6 Auer komme mir zu Marbial un, e klengt Duerf wat richteg romantesch tëschent de Beem nieft dem Floss läit. Mir loossen den Auto beim Paschtouer am Haff stoen, an et geet zu Fouss weider. Et fänkt esou lues un hell ze ginn. Et geet direkt de Bierg erop, an et ass richteg schéin esou hei ze tröppelen. An dëser Géigend gëtt et ganz wéineg Beem, just kal Koppen, mee trotzdem e flotten Ubléck, virun allem bal keng Leit, en anert Bild wéi an der Stad, wou et ëmmer vu Mënsche wibbelt. Virun eis leien eng Onmass vun Hiwwelen, a ganz wéit ewech gesäit een nach méi héich Bierger. Ech gi beléiert, dat wär de „Pic de la Selle", den héchste Punkt vun Haiti, 2680 Meter héich. Et fänkt esou lues un méi waarm ze ginn, ech si frou datt ech genuch Waasser derbäi hunn. Ënnerwee begéine mir heiansdo Baueren, déi amgaang sinn an deene ganz géien Hiewele mam Heel de Buedem ze kappen. Se wonneren sech wahrscheinlech wat dee Wäissen hei um „Enn vun der Welt" wuel mécht, mee mir kréien ëmmer fréndlech „bonjou" gesot. D'Sonn fänkt u mat drécken, et geet nach ëmmer biergop. Et gëtt en haitianescht Spréchwuert, wat mir an de Kapp kënnt, „dèyè mòn, gen mòn", op lëtzebuergesch „hannert dem Hiwwel ass ëmmer nees en aneren Hiwwel". Esou lues fänken ech un ze verstoen, wat si gemengt hunn, besonnesch well meng haitianesch Frënn ausgesi wéi wann se giffen e Sonndesspazéiergang maachen, a mir steet d'Ustrengung ferm am Gesiicht geschriwwen. Op meng Fro, wéi wäit et dann nach ass, kréien ech déi obligatoresch haitianesch Äntwert, „pas trop loin". Mëttlerweil weess ech, dat dës Moosseenheet e Spillraum huet vu 500 Meter bis 20 km.
Ech war nach ni méi frou driwwer fir vum Schied vun engem Bam kënnen ze profitéiere wéi elo, well mir hunn der net vill begéint ënnerwee. Sou lues a lues kommen ech, an och meng Waasserreserven, un d'Limitten. Schlussendlech no 3 Stonnen duerch d'Hëtzt, ëmmer nëmme biergop, si mir dann endlech ukomm, iergentwou an de Bierger, wäit ewech vun der Zivilisatioun, awer sou eppes vu schéin, dat ass eigentlech net mat Wierder ze beschreiwen.

Mir gi ganz frëndlech vun der Mme Etienne  a vum Här Gilles begréisst. De Félix an de Barthol si Stéifbridder, si hunn déi selwecht Mamm, awer en anere Papp. En anere Brudder vum Barthol war schonn deen Owend virdrun hei ukomm fir meng Arrivée unzekënnegen, an zack, haten si extra eng Geess geschluecht fir wann de Wäisse kënnt.
Ech hunn alt gemengt dat wär e bëssen iwwerdriwwen, mee do war näischt ze maachen. Mir hunn eis d'Geess mat Banane pesée an engem gudde Jus de Chadèque schmaache gelooss. Nodeems mir eng Visite guidée vun hirem klengen Haus mat separater Kichen gemaach haten, d'Beiestäck, de Kuelemeiler, asw gewise kruten, hu mir eis sou lues nees op de Wee zréck gemaach, GottseiDank nëmme biergof. Ech war impressionéiert vun der Einfachheet vun deene Leit, et brauch een eigentlech net vill am Liewen. Mee dat schéinst ass einfach nëmmen déi phantastesch Plaz wou déi Leit liewen.
2 Stonne méi spéit ware mir nees am Dall, an de Barthol huet mir gesot, „jo, als Kand sinn ech dëse Wee ALL Dag gaange fir an d'Schoul, moies erof, mëttes erop". Ech konnt et bal net gleewen. Seng Mamm giff 2 mol an der Woch op Jacmel op de Maart goen, d.h. déi Fra mat geschätzte 60 Joer geet dee ganze Wee mat engem grousse Kuerf mat Uebst a Geméis um Kapp de Bierg erof, an herno gëtt zu Jacmel alles akaaft wat se brauchen, an dat gëtt dann nees mam Kuerf de Bierg erop gedroen.
Mir gëtt op ee Schlag bewosst, wat fir e schwéieren Alldag dës Leit hunn. Ech schumme mech fir mäi verwinntent Liewen zu Lëtzebuerg.

Jemp Beck





# Lunch Fair

11.10.2014 "A Mouschelt"
(Lëntgen)







# Parrainage

D'Rivière Froide ass ee relativ aarme Quartier, wou vill Kanner wunnen, deenen hir Elteren net méi do sinn, oder déi keng Méiglechkeet hu fir d'Schoulgeld ze bezuelen. Aus dësem Grond huet AAH een anonyme Parrainage an d'Liewe geruff. Fir 25 Euro de Mount kënnt Dir engem Kand et erméiglechen an dëser Schoul liesen a schreiwen ze léieren. AAH ass der Meenung, dass et méi gerecht ass fir all d'Kanner, wann dëse Parrainage anonym bleift.

10 € (Schoulkäschten) + 15 € (Iessen) = 25 €

Dir kënnt Pätter oder Giedel vun engem Kand ginn, andeems Dir all Mount 25 €, oder eemol d'Joer 300 €, op folgende Kont iwwerweist:

CCPL: IBAN LU81 1111 2342 0345 0000 mam Vermierk «Parrainage».

Weider Informatioune kritt dir um Telefon: 33 55 36 (Famill Theisen) oder iwwert Mail: contact@aah.lu.

Pour 25 € par mois vous pouvez permettre à un enfant d'apprendre à lire et à écrire. AAH est pourtant d'avis qu'il est plus juste si ces parrainages restent anonymes.

10 € (frais d'écolage) + 15 € (un repas chaud par jour) = 25 €

Vous pouvez parrainer un enfant en faisant chaque mois un virement de 25 € ou bien 300 € pour toute une année sur le compte suivant:

CCPL: IBAN LU81 1111 2342 0345 0000 avec la mention «Parrainage».



# MARCHE FAIR

14. Juni 2015

Départ: Barrière Walfer





# Finanzen

## Recettes:




## Dépenses:




En 2014, seulement 3,29% (soit 3'961,90€) des dépenses totales sont des frais relatifs à l'administration générale de l'association. Ce chiffre comprend les frais d'envoi, assurances, petit matériel bureautique etc. Tout séjour en Haïti est payé par le voyageur. Ainsi on peut limiter les frais administratifs à un minimum.



**Action Avenir Haïti asbl**

41a Montée Willy Goergen
L-7322 Steinsel
T (+352) 621 750 159
T (+352) 621 182 548

contact@aah.lu
www.aah.lu
CCPL LU81 1111 2342 0345 0000